# REFERENDUM 23.11.2025

**Léif Wielerinnen, léif Wieler,**

An der Gemengerotssëtzung vum 24. Juli 2025 hu 4 Conseillere fir a 4 géint d'Weiderféierung vun de Gespréicher iwwer eng méiglech Fusioun gestëmmt; 1 Conseiller huet sech enthalen. Fir an dëser Patt-Situatioun eng kloer Entscheedung z'erméiglechen, huet de Gemengerot mat grousser Majoritéit beschloss, dës Fro un d'Bevëlkerung weiderzeginn**.**

Den **23. November 2025** ass dofir an eiser Gemeng ee Referendum. Bei dësem Biergerentscheed geet et ëm d'Fro, ob Ierpeldeng-Sauer d'Sondéierungsgespréicher fir eng méiglech Fusioun mat den Nordstad-Gemengen Dikrich, Ettelbréck a Schieren soll weiderféieren. Den eigentleche Referendum iwwer d'Nordstad-Fusioun ass fir 2027 geplangt – nom Ofschloss vun de Sondéierungsgespréicher.

Fir all ageschriwwe Wielerinnen a Wieler (Gemengewale-Lëschten) ass d'Participatioun obligatoresch.

**Referendum zu Ierpeldeng-Sauer 23. November 2025** = Ofstëmmung iwwer d'Weiderféierung vun de Gespréicher iwwer eng méiglech Nordstad-Fusioun.

**Nordstad Referendum 2027** = Geplangten Ofstëmmung an alle véier Nordstad-Gemengen iwwer d'Fusioun vun de Gemengen, nodeems d'Sondéierungsgespréicher ofgeschloss sinn.

De Referendum ass rechtlech consultativ, mee de Gemengerot huet awer zougesot, d'Resultat vollstänneg ëmzesetzen. Är Stëmm bestëmmt also direkt, wéi et mat eiser Gemeng an dëser wichteger Zukunftsfro virugeet.

Fir Iech op dësen Entscheet virzebereeden, stelle mir Iech **neutral Informatiounen** zur Verfügung: Bäigeluecht fannt Dir en Informatiounsflyer, deen d'Hannergrënn vum Referendum souwéi **Argumenter fir a géint** d'Weiderféierung vun de Gespréicher sachlech duerleet.

Zousätzlech luede mir Iech häerzlech op **Bierger-Informatiounsowender** an, wou Dir Iech ëmfaassend informéieren an Är Froe stelle kënnt:

- **13. Oktober 2025 um 19.00 Auer – Sports- a Kulturzentrum Ierpeldeng-Sauer**
- **16. Oktober 2025 um 19.30 Auer - Centre Culturel Bierden**
- **20. Oktober 2025 um 19.00 Auer - Centre Culturel Angelduerf**

Dës Informatioune fannt Dir ausserdeem op der Websäit vun der Gemeng souwéi op eise soziale Medien.

**De Schäfferot vun der Gemeng Ierpeldeng-Sauer**

Ierpeldeng-Sauer

**www.erpeldange.lu/referendum-2025**

# REFERENDUM 23.11.2025

**Chères électrices, chers électeurs,**

Lors de la séance du conseil communal du 24 juillet 2025, 4 conseillers ont voté pour et 4 contre la poursuite des négociations concernant une éventuelle fusion ; 1 conseiller s'est abstenu. Afin de permettre une décision claire dans cette situation de parité, le conseil communal a décidé à une large majorité de soumettre cette question à la population.

Le **23 novembre 2025**, un référendum aura donc lieu dans notre commune. Lors de cette consultation citoyenne, il s'agira de décider si la commune d'Erpeldange-Sûre doit poursuivre les discussions exploratoires pour une éventuelle fusion avec les communes Nordstad (Diekirch, Ettelbruck et Schieren). Le référendum proprement dit sur la fusion Nordstad est prévu pour 2027, après la conclusion des négociations exploratoires.

La participation est obligatoire pour tous les électeurs inscrits (listes électorales communales).

**Référendum à Erpeldange-Sûre du 23 novembre 2025** : Consultation sur la poursuite des négociations pour une éventuelle fusion Nordstad.

**Référendum Nordstad en 2027** : Consultation prévue dans les quatre communes Nordstad sur la fusion, après la conclusion des négociations exploratoires.

Ce référendum est juridiquement consultatif, mais le conseil communal s'est engagé à respecter le résultat. Votre vote déterminera donc directement l'avenir de notre commune sur cette question cruciale.

Pour vous préparer à cette prise de décision, nous mettons à votre disposition des informations neutres : Vous trouverez en pièce jointe une brochure expliquant les enjeux du référendum ainsi que les arguments pour et contre la poursuite des négociations.

Nous vous invitons également chaleureusement à participer aux réunions d'information citoyennes, où vous pourrez vous informer et poser vos questions :

- **13 octobre 2025 à 19h00 – Centre sportif et culturel d'Erpeldange-sur-Sûre**
- **16 octobre 2025 à 19h30 – Centre culturel de Burden**
- **20 octobre 2025 à 19h00 – Centre culturel d'Ingeldorf**

Ces informations sont également disponibles sur le site web de la commune et sur nos réseaux sociaux.

Le collège des bourgmestre et échevins d'Erpeldange-Sûre

Ierpeldeng-Sauer

**www.erpeldange.lu/referendum-2025**

# REFERENDUM 23.11.2025

Liebe Wählerinnen, liebe Wähler,

In der Gemeinderatssitzung vom 24. Juli 2025 haben 4 Gemeinderäte für und 4 gegen die Fortsetzung der Gespräche über eine mögliche Fusion gestimmt; 1 Gemeinderat hat sich enthalten. Um in dieser Pattsituation eine klare Entscheidung zu ermöglichen, hat der Gemeinderat mit großer Mehrheit beschlossen, diese Frage der Bevölkerung vorzulegen.

Daher findet am 23. November 2025 in unserer Gemeinde ein Referendum statt. Bei dieser Bürgerabstimmung geht es darum, ob Erpeldingen-Sauer die Sondierungsgespräche für eine mögliche Fusion mit den Nordstad-Gemeinden Diekirch, Ettelbrück und Schieren fortsetzen soll. Das eigentliche Referendum über die Nordstad-Fusion ist für 2027 geplant – nach Abschluss der Sondierungsgespräche.

Für alle eingetragenen Wählerinnen und Wähler (Gemeindewahllisten) ist die Teilnahme verpflichtend.

**Referendum in Erpeldingen-Sauer (23. November 2025):** Abstimmung über die Fortsetzung der Gespräche für eine mögliche Nordstad-Fusion.

**Nordstad-Referendum 2027**: Geplante Abstimmung in allen vier Nordstad-Gemeinden über die Fusion, nach Abschluss der Sondierungsgespräche.

Das Referendum ist rechtlich konsultativ, doch der Gemeinderat hat zugesichert, das Ergebnis zu respektieren. Ihre Stimme entscheidet also direkt, wie es mit unserer Gemeinde in dieser wichtigen Zukunftsfrage weitergeht.

Zur Vorbereitung auf diese Entscheidung stellen wir Ihnen neutrale Informationen zur Verfügung: Im Anhang finden Sie einen Informationsflyer, der die Hintergründe des Referendums sowie Argumente für und gegen die Fortsetzung der Gespräche sachlich darlegt.

Wir laden Sie herzlich zu Bürgerinformationsversammlungen ein, bei denen Sie sich umfassend informieren und Ihre Fragen stellen können:

- **13. Oktober 2025 um 19:00 Uhr – Sport- und Kulturzentrum Erpeldingen-Sauer**
- **16. Oktober 2025 um 19:30 Uhr – Kulturzentrum Bürden**
- **20. Oktober 2025 um 19:00 Uhr – Kulturzentrum Ingeldorf**

Diese Informationen finden Sie außerdem auf der Website der Gemeinde sowie auf unseren sozialen Medien.

Der Schöffenrat der Gemeinde Erpeldingen-Sauer

Ierpeldeng-Sauer

**www.erpeldange.lu/referendum-2025**